



Pressemitteilung

Koplescht, den 7. Januar 2015

Bestierzung iwwert d'Attack op Charlie Hebdo dierf net zum Ofbau vu Grondrechter benotzt ginn

D'ganz Piratepartei ass bestierzt iwwert di hannerhälteg a feig Attack op déi franséisch Satirezeitung Charlie Hebdo haut de Moien. „*Mir drécken eist déifste Matgefill de Familljen a Frënn vun den Affer aus.*“ **sou de Sven Clement, Parteipresident.**

Et ass grad elo, no enger Terrorattack am Häerze vun Europa, wou eis oppen an tolerant Gesellschaft op d'Prouf gestallt gëtt. Sti mir zu eise Wäerter a verteidegen se och ënnert Drock an ënnert der Menace vun Attacken oder gi mir eis Grondwäerter op well Terroristen eis Angscht maachen?

D'Piratepartei rifft op d'Situatioun a Rou z'analyséieren an d'Konklusione réischt ze zéie wann d'Terroriste gestallt sinn. „*D'Äntwert op Attacken dierf net sinn, den Terroriste Recht ze ginn an eis Wäerter opgrond vun hirer Attack opzeginn, d'Äntwert op Terror a Gewalt muss méi Demokratie, méi Oppenheet, méi Pressefräiheet a méi Partizipatioun sinn.*“ **sou de Sven Clement weider.**

„*Mir müssen eng Gesellschaft schafen déi immun géint esou grujeleg Attacke wéi déi vun haut de Moie gëtt, doduercher verléieren dës hir Wierkung. Di falsch Reaktioun ass et elo d'Politik duerch d'Angscht diktéieren ze loossen.*“ **seet de Sven Clement ofschléissend,** „*Mäi Matgefill geet un all déi Betreffen, #JeSuisCharlie*“